

Eng schwéier Decisioun

Zum Schluss vum Krich hate mär nach e Probleem, dat fir mech eng Gewëssensfro gi wor, huet de Camille mär nach weider erzielt.

Eise Kniecht Jhäng wor jo den Neveu vum Jhang Staudt a wor och am „wehrpflichtigen“ Alter (1924). wëll hien an der Landwirtschaft geschafft huet, wor hien zrëckgesat gin.

Wéi d'Preisen dër iwwerrall op d'Bomm krit hun, hu si Leit gebraucht. Si hun alles wat nëmme nach wibbele konnt an all déi wou zrëckgesat woren, agezun, an dobäi wor och eise gudde Jhäng.

„Ech gin op kee Fall an d'Wehrmacht“. Wéi mär deen aneren Dag op d'Feld gefuer sin, huet de Jhäng sech viru mech gestallt a gesot. „Meeschter, ech hun d'ganz Nuet nët geschlof an iwwerluegt, wat ech kënnst maachen, fir mam Liewen dervun ze kommen“.

„Ech leë mech op de Buedem an Där fuert mär mam Trakter iwer d'Been, där hat mech einfach nët gesinn . . .“ Hien huet mech gebiedelt him dach dee Gefalen ze maachen !

Ech stung mat dem Traktor zwéi Meter virun him, awer ech konnt einfach nët engem jonge Mënsch séng gesond Been, neen, du verlaangs do eppes vu mär, wat ech nët maache kann. Ech hun eng aner Iddi.

Ënner Patriote wor den Numm vun engem „gudden Dokter“ bekannt. De Jhang huet gläich duebel Portioun Pëlle geschléckt a séng Ae woren op eemol ganz giel.

ZUM FROMMEN UNDENKEN BRIDDER, NEUVIEN



Hiren énzige Wonsch, dat s'he'nt Letzburger



Lempy ZIESER

gebuer zu Vichten, den 11. 11. 1923,
gefall an der Festung Graudenz, den
20. Februar 1945.

Du hás dem Liewe kaum gelácht.
An dengem jonge Gléd,
Du hun se schons dei Gráv gemácht,
An nie kónns du rëm zrëck...
Keng Tre'n huet an der Do'desnuecht
Dir Tro'scht am Léd verscháft...
Keng Dánnen hóle bei dir Wuecht,
Keng Blumm ble't dir um Gráv...
Imb. Winter frères, Rédange

UN EIS LE'W JONGEN A COSENGEN



a hir Le'w erómzagesin, go't hinnen net erfóllt



Heini ZIESER


gebuer zu Vichten, den 11. März 1920,
gefall zo' Kabanowka (Russland), den
5. Abrel 1944.

Ech konnt net erdroen den Zwank an dem Kléd
· Ech hat mei Land zevill gieren...
Dat Iwer ons all huet bruecht so' vill Léd
Bis zum Láschte wollt duerfir ech mech wieren.
A we' ech gong fort, geheizt a gejót,
Mat Hunger, mat Krankhät an Do'd hu gerongen:
Zum Herrgott hun ech mei „Fiat“ gesot,
Matt him ass mei Liewe verklongen.

MORTS POUR LA PATRIE



J.P. MORIS



J.P. JACOBY



J.P. BENCK



Emile WOHL



Félix WOHL

Den Dr. Huberty vun Ettelbréck as kom an huet de Jhäng „grëndlech“ ënnersicht . . . „Do muss ech där jo en Attest schreiwen, esou kanns du nët an d'Wehrmacht goen, du géngs jo déi aner all ustiechen“.

De Jhäng huet gemaach wéi him vu „gudder Sait“ gerode gi wor. Hien huet e Bou Bréifpapeier geholl an un d'Wehrmeldeamt geschriwwen a säi grousst Leed geklot. „Wenn es nur möglich ist, bitte um Überführung in ein deutsches Lazarett bis zu dem Tag, wo ich als gesunder Mensch meinen Dienst als Soldat antreten und meine Pflicht erfüllen kann“.

Et hat natiirlech een dem Jhäng den Text virgeschriwwen an hien huet nëmme brauchen ofzeschreiwen.

D'Preise sin op säi schäinhellegen Trick eragefall. Si hun d'Plazen an de Lazarett selwer dréngend gebraucht, wëll et as esou lues zu Enn gang mat hirem „Heldentum“.

De Jhäng konnt bleiwen an huet nach weider heemlech Pëlle geschléckt. Am leschten Duerchenaner as hien zu gudder Lescht vergiess gin.

Wéi d'Amerikaner kom sin, wor séng Gielzecht séier geheelt, an hien hat séng gesond Been och nach derbäi.

Och dat verdankt de Jheng séngem fréiere Meeschter Camille, deen am Nomëtteg op mäi Wonsch hin, mech op de Kiirfech vu Viichte begleet huet . . .

Ech wollt onbedéngt op d'Graf vun zwee häerzengudde Leit goen. Mär hun nët laang brauchen ze sichen, e proppert Graf, wou an der Mëtt eng Coupe mat Hierschtblummen drop steet.

Ici repose Jean Staudt. Hien as am Joër 1954 am Alter vun 68 Joër gestuerwen. Séng trei Fra Märi hat hien ëm 15 Joër iwverlieft an as 1969 am Alter vun 82 Joër gestuerwen.

Hiirt Haus, wou esou vill Erënnerungen dermat verbonne woren, as dem Verkéier „geaffert“ gin. D'Strooss as op deer Plaz méi breet an iwversichtlech gemaach an d'Haus ofgerappt gin.

Wéi de Camill an ech virum Grafstee vun de Patriote Jean Staudt-Simon stungen, hat ech nëmme ee Wonsch, datt des kleng Plaz hei um Kiirfecht vu Viichten nimools an de Vergiess kënnt. Si hätten dat nët verdéngt.

Wéi mär vum Kiirfecht erof gaang sin, hun ech nach e Bléck op d'Monument geworf, dat op der Sait beim Ausgang steet.

Eppes as mär gläich opgefall.

Gestuerwe fir d'Hemecht . . . Ech fannen d'Nimm vun zweemol zwéi Bridder WOHL Emile a WOHL Félix . . . ZIESER Henri an ZIESER J.P.

Dës kleng Uertschaft wor also op kee Fall vum grousse Misär verschount bliwen.

E Besuch an enger fréierer Brennerei

Mäi Besuch zu Viichte wor awer nach nët um Enn. De Kirsche Misch, deem séng ganz Famill, dräi Schwëstere, zwéi Bridder, Papp a Mamm ëmgesidelt wore gin, hat mär e puer Détailler iwer säin „heemleche Séjour“ zu Viichte bei der Famill Jaeger erzielt.

Ech wollt also d'Geleënheet benotzen, d'Madame Jaeger ze besichen, fir mat hir e wéineg iwer de Krich ze schwätzen.



Den Alphonse JAEGER †
e grouse Resistenzler an e gudde Mënsch

De Numm Jaeger as mär esou bekannt virkomm, nët eleng wëll ech den Numm vun der Brauerei op ville Fläsche gelies hun, et wor nach eppes anescht.

Wéi ech an der Stuff sutz, hun ech gesinn u wat ech mech erënnert hat. Un der Mauer hung schéi propper agerummt den Diplôme vun de Politesche Flüchtlingen . . . „Unerkennung fir aktiv Resistenz am Déngscht vun der Hemecht.

Ech konnt mech erënnern. Et wor deemols nëmmen een Dossier mat Indikationen déi eemoleg woren an déi ech ni vergiess hun.

D'Jonge sutzen nuets am „Kühler“ vun der Schnapsbrennerei. Dee betreffende „Kühler“ hat en Duurchmesser vun zwéin an en halwe Meter. Si hun op Brieder, déi si op d'Mooss geschnidden haten, geschlof. Datt si Nuets doranner sutze bis muerges ongeféier 8 Auer, hat säi bestëmmte Grond. D'Preisen hu bal ëmmer hir Razzia muerges fréi organiséiert. Si hate gewéinlech dann e Bewäis duerch déi waarm Better, déi d'Jongen zrëckgelooss hun, wann si „geflücht“ sin.

Wann d'Luucht propper wor, huet den Alphonse Jaeger muerges dräimol un d'Wand vum „Kühler“ geklappt. Dat wor Zeechen, fir erauszeklammern.

Am Haus Jaeger woren 8 Jonge verstoppt. et woren : KIRSCH Misch vu Viichten, HAHN Servais vu Viichten, MONVILLE Pierre vu Bierschbech, MULLER Pierre vu Béiwen, HEINTZ Jim vu Mäerzeg, JACOBY Ugène vu Viichten, CLEES Roger vu Mäerzeg a SCACHI Fernand vu Biekerech.

De Kirsche Misch wor am längsten do. Hien hat et 8 Méint an en halwen an der Brennerei ausgehal.

Et sollt och gesot gin, datt d'Famill Jaeger nieft der Brennerei och nach um Bauerewiesen geschafft huet.

E gudden Dag sot esou eng virwëtzig Nopesch zu der Madame Jaeger, déi um Feld am Gaang wor, d'Rommelen ze kappen : „Wéi bréngt där dat fäerdeg, fir äre klenge Fernand doheem esou eleng ze loossen ?

De klenge Fernand wor nët eleng. De Misch huet hie versuergt an him z'iesse gin, wann et un der Zäit wor.

Dat konnt d'Madame Jaeger deër virwëtzege Nopesch awer mat deem beschte Wëllen nët op d'Nues hänken.